Fédération Luxembourgeoise des Quilleurs a.s.b.l.
52, rue Pierre Hamer L-4737 Pétange - Tel.: (+352) 40 12 12 - Fax: (+352) 40 26 24
E-mail: flq@pt.lu - Website: www.flq.lu
Fondée en 1961 – Affilié au C.O.S.L. – Affilié à la F.I.Q. - WTBA – WNBA - NBN - EBFU

# TKS Sitzung vum 7. Oktober 2024

| | | | |
|---|---|---|---|
| **Steve Blasen exc.** | **Steve Degano exc.** | **Claude Ernst** | **Jean-Marc Hoffmann** |
| **Christiane Huberty** | **Uwe Jakoby** | **Gilles Mores** | **Jos Neuberg** |
| **Patrick Molitor exc.** | **Thill Jean-Jacques exc.** | | |

## 1. Réckbléck Saison 2023-2024

D'Statisken mussen pro Spilldag upgedate ginn. Dat selwescht gëllt fir d'Lëscht vun de Spiller, di an de Veräiner mat méi Ekippen spillen.

D'Ännerungen vum Reglement ginn an engem Referendum, den an dëser Saison organiséiert gëtt, vun de Veräiner entscheed.

Mär sollten eis Gedanke machen iwwer d'Bezeechnung vun eiser Kategorie „Hären B" an der Eenzelmeeschterschaft, vu dass am Ausland dësen Numm fir d'Senioren B benotzt gëtt

## 2. Organisatioun vun der TKS fir d'Saison 2024-2025

D'TKS ass nach ëmmer op der Sich no engem neie President. Leider fënnt sech awer do kee Kandidat. Fir de President ze entlaschten siche mär elo no engem Sekretär fir d'Sektioun. De Sekretär soll sech em d'Organisatioun vun der Kommissioun bekëmmeren. Et gouf sech dofir entscheed, en Opruf via eisen Internetsite ze publizéieren. Am Groussen a Ganzen fuere mär esou virun, wéi bis elo.

## 3. Kaderspiller

D'Coach-Team huet eng Kaderrevisioun gemeet. D'Kaderspiller aus dem Ausland mussen d'Eenzel spillen. Ab dëser Saison ass keng Gebühr dofir ze bezuelen, et muss awer eng Sportkeelelizenz vun 20€ bezuelt ginn.

E Mëttwoch setzt d'Coach-Team d'Kadertraininger fest.

**Partenaires de la F.L.Q.**

LOTERIE NATIONALE

hummel
www.lupa69.com

WILWERT
depuis 1952

52, rue Pierre Hamer L-4737 Pétange - Tel.: (+352) 40 12 12 - Fax: (+352) 40 26 24
E-mail: flq@pt.lu - Website: www.flq.lu
Fondée en 1961 – Affilié au C.O.S.L. – Affilié à la F.I.Q. - WTBA – WNBA - NBN - EBFU

### 4. Lëtzebuerg – Saarland den 19. Oktober

D'Invitatioun ass eraus. Mär hunn awer bis elo nach kee Feedback vum Saarland. Mär missten e bësse Reklam machen, eventuell och nees mat engem Flyer. Esoubal mär di néideg Informatiounen vum Saarland hunn, gëtt de Flyer preparéiert.

### 5. Referendum iwwer d'Reglement

Dëst Thema gëtt am Detail an der nexter Sitzung behandelt.

### 6. NBS-Konferenz vum 19. Oktober

Dëst ass eng Video-Konferenz, wou de Berto Bargagna an de JM drunn deelhuelen. Kuerz Diskussioun iwwer d'Unträg vun der NBS, déi mär, mat Ausnam vun den Altersklassen allgemeng net unhuelen.

### 7. Jugend

Den Uwe schléit vir, d'Jugendkommissioun an di next d'TKS ze invitéieren, fir eng Léisung vir di aktuell Problemer ze fannen.

### 8. Duathlon, Sprint National, Sprint Sport

De Sprint Sport, virgesinn fir den 23. November, losse mär ewech. Sprint National an Duathlon bleiwen um Programm

### 9. Verschiddenes

Den Diskussiounsowend Iwwer d'Zukunft vum Keelesport läit ongënschdeg vu dass Burschent A den Owend géint den Honnerter/Performance A spillt. D'Membere vun der Kommissioun sinn unanime der Meenung, dass alles versicht misst ginn, fir de Mätsch ze verleeën.

**Di next Sitzung ass den Denschdeg 12. November um 18:00 am Café beim Kueb zu Steebrécken.**

**Mat beschte Gréiss**

**Jean-Marc**

**Partenaires de la F.L.Q.**

LOTERIE NATIONALE
hummel
www.lupa69.com
WILWERT
depuis 1952